



Mir hunn awer och zweemol, innerhalb vun zéng Joer, d'Clause de sauvegarde invoquéiert, eng Kéier ënnert mengem Virgänger, a fir d'lescht den 23. März 2009, wou mer d'Clause de sauvegarde vis-à-vis vun dem MON 810 invoquéiert hunn. Dat heescht, mir hunn op Bréssel gemellt, dass mer en Uplanzverbuet géifen déci-déieren.

Mir hunn dat opgrond vun neien Etüden, zum Deel, mä och opgrond vu Schwäizer Etüde gemaach, an eis Argumentatioun war esou gutt, dass déi däitsch Kolleege sech op déiselwecht Etüde baséiert hunn, fir e puer Wochen no eis och d'Clause de sauvegarde ze zéien. Déi Clause de sauvegarde, déi steet bis haut. Wéi laang, wësse mer net, mä do ass och munches ënnerwee gewiescht.

Doriwwer eraus hunn d'Kolleege Landwirtschafts-, an an dësem Fall besonnesch d'Environnementsministeren Enn 2008 duerchgesat, dass déi wëssenschaftlech Basis, déi ëmmer dängt fir nei OGMen zouzeloossen, iwwerkuckt soll ginn an dass se soll méi laangfristeg ausgeluecht ginn, well déi Haaptreprochen, déi een am Moment bei der Zouloossung vun OGMe mécht, dat ass, dass déi Period, wou studéiert gëtt, ze kuerz ass, fir dass een all Suerge ka lass sinn. Dat heescht also, do ass Bewegung an d'Spill erakomm. Et war Bereetschaft op alle Säiten, fir déi Phas Etüden nei ze konzipéieren.

Doriwwer eraus waren zënter dem Akraaftsetze vum neien Traité net all Detailer kloer, wéi dann elo d'Genehmegungsprozedur ënner Bedeelegung vun deenen eenzelne Länner soll ausgesinn. An ech muss soen, dass ech iwwerhaupt net amé-séiert war, dass eng vun deenen éischten, wann net déi éischt seriö Décisioun, déi vun der neier Kommissioun komm ass, déi war fir eng Rei vun OGM-modifizéierte Gidder zouzeloossen.

► **Une voix.**- Do kënn mer dem Här Barroso Merci soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Den Iwwerraschungseffekt ass hei voll zum Droe komm. An enger Situat-ioun, wou jiddweree bereet war, op d'Genehmegungsprozedur zrëckzekommen, ass hei e Schnellschoss gemaach ginn. Lëtzebuerg huet dat och kloer esou an deene Gremien ze verstoe ginn, wou mer bis elo konnten doriwwer diskutéieren. Mir sinn direkt a Kontakt och getruede mat gläich-gesënnte Länner, ënner anerem Frank-räich, ënner anerem Éisträich, déi erwägen, fir och an deem heite Fall d'Clause de sauvegarde ze zéien. Mir wäerten also och hei d'Évolutioun genee verfollegen an eis mat deene Moyenné wieren, déi mer hunn.

Ech fannen, dass och déi Décisioun, déi d'Kommissioun elo geholl huet, ondemo-kratesch ass, well se dem Wëlle vun engem ganz groussen Deel vun de Populationen an enger ganzer Rei vu Länner net Rech-nung dréit. D'Kommissioun däerf sech also net wonneren, wann op ëmmer méi Pla-zen d'Skepsis vis-à-vis vun esou Décisioun-e méi grouss gëtt.

An ech mengen, hei zu Lëtzebuerg huet déi dote Positioun sech doran dokumen-téiert, dass eng ganz Rei vu Gemengen, dass eng ganz Rei vun Associatiounen sech an der Initiativ „Lëtzebuerg OGM-fräi“ ze-summegeschloss hunn a sech mat eis ze-summen derfir asetzen, fir d'Groussregioun OGM-fräi ze halen. Do hu mer ganz gutt Diskussiounen mat eisen Nopeschlänner, mat deenen enge besser, mat deenen ane-ren net esou gutt.

Der langen Rede kurzer Sinn: D'Regierung kann, an ech schwätzen do net nëmme fir mech selwer, mä fir den Nohaltegkeetsmi-nister, den delegéierten Nohaltegkeetsmi-nister an de Landwirtschaftsminister, mat deene mer just zu deem Zäitpunkt, wou d'Kommissioun am stillen Kämmerlein hir Décisioun preparéiert huet, eis Positioun affinéiert hunn an och an deenen nächsten Deeg d'Regierung wäerte mat eiser Posi-tioun konfrontéieren, och eis Kommissarin uschreiwen, fir hir eis Positioun kloerze-maachen an deem heiten Dossier, fir dass se net ka soen, si hätt net gewosst, wéi mir stinn.

Ech sinn och ganz dankbar iwwert déi Po-sitioun vum Här Etgen,...

(Interruptions)

...well se sech ganz positiv vis-à-vis vun där neier Positioun vun der däitscher Regie-rung distanzéiert. Déi däitsch Regierung, déi war bis elo ëmmer op eiser Linn, mä mam Wiessel huet se sech op eemol am Lager vun den OGM-frëndleche Länner erëmfonnt, dat heescht, dat op d'Kopp gehäit. Ech sinn also ganz frou, dass dat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass.

Ech wollt dann och de Wëlle vun der Re-gierung hei matdeelen, déi Motiounen unzehuelen, wat de Fong ugeet, mä dem Auteur eng Rei vun Ännerunge proposéie-ren. Ech hat d'Geleeënheet, scho kuerz mam Här Kox ze schwätzen. Ech wollt pro-poséieren, fir an där éischter Motioun de fënnefte Paragraph erauszeloossen, an dem leschte Paragraph op der éischter Säit vun der Motioun 1 och d'Referenz op d'Lëtzebuurger Positioun ze maachen, well et ass net esou an deem heiten Dossier, dass Lëtzebuerg sech net démarquéiert hätt vis-à-vis vun der Kommissioun.

Ech wollt och proposéieren, fir an dem éischte Paragraph vun der Säit 2 d'Trans-formatioun an d'Vente op der Säit ze loos-sen. Och wa mer eist Méiglechste solle maachen, ass et net d'selwecht ze behan-dele wéi d'Uplanzung. Well wa mer hei géifen eng Interdictioun unilateral déci-déieren, wat d'Vente ugeet, dat wier eng Entrave à la libre circulation, an do fuere mer ewech, ouni dass mer eng Chance hunn.

Da wollt ech och op eis bishereg Positioun an deem zweete Paragraph insistéieren an da proposéieren, dass mer net „mettre sous pression“ schreiwen - well „mettre sous pression“, dat ass nach kee Resultat -, mä ech wollt proposéieren, dass mer alles maachen, fir d'Kommissioun ze iwwer-zeegen, dass se dat soll maachen, wat mir fir richtig fannen.

An där zweeter Motioun hunn ech keng Propositionen ze maachen. Déi puer Tippfeeler, déi hu mer schonn zesummen ausgemacht.

Ech wollt just als Konklusioun soen, dass mer deen heiten Dossier ganz seriö wäerte suivéieren, an och déi Décisiounen wäerten nofolge loossen, déi der Kommissioun solle weisen, dass se hei net alles iwwert de Kapp vun enger Majoritéit vun de Länner däerf maachen. Och wann et net ëmmer eng Majorité qualifizéiert ass, kann et net sinn, dass ee Majoritéiten einfach esou ignoréiert oder se par surprise iwwer-stëmmt.

Dat gesot, soen ech lech villmools Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Ge-sondheitsminister. Wann ech richtig ver-stanen hunn, proposéiert en eng Rei vu Modifikatiounen, wat déi éischt Motioun betrëfft. Ech géif do den Här Kox als Auteur froen: Kann den Här Kox déi Modi-fikatiounen esou akzeptéieren?

► **M. Henri Kox (déi gréng), auteur.**- Bon, ganz kuerz. Mir hätten natierlech gewënnscht, dass dee fënnefte Paragraph och nach géif dostoe bleiwen, verstinn awer verschidde Retizenzen, fir dat dann net esou eendäiteg do ze soen. Awer no den Ausféierunge vum Här Minister, dass e Bréif vun der Regierung fir d'Kommissioun ënnerwee wier oder an der Preparatioun, a wou och dorobber higewise gëtt, dass d'Aart a Weis, wéi se virgaangen ass, ver-uerteelt gëtt, kënn mer dat akzeptéieren. Mir verstinn och, dass Lëtzebuerg an der Vergaangenheet dat och esou gemaach huet an den allgemengen OGMen - déi Verbesserung -, dass niewent Italien, Éis-träich, och Lëtzebuerg relativ séier sech hei insbesondere bei de Grompere bemierkbar gemaach huet, fir Clauses de sauvegarde ze maachen.

Bei der Transformatioun a bei der Vente, och do hu mer e bësse Problemer domat, verstinn awer och, dass mer de Moment vläicht net déi juristesche Handhab hunn, fir dat kënnen esou ze maachen. Mir men-gen awer, dass mer do eng Debatt hei a Lëtzebuerg och sollte lassbriechen, an dass mer probéieren och do nach eng Kéier ze intervenéieren mat iergendenger Form vu weidere parlamentareschen Initiativen.

Am zweeten Tret „à continuer à s'oppo-ser“ hate mer ausgemacht, fir dat do eran-zemaachen, a selbstverständlech wäerte mer „mettre sous pression“ dann ersetzen duerch „convaincre“, esou dass mir déi Propositionen vum Minister unhuelen an doduerch déi Motioun nach eng Kéier wëllen esou déposéieren.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que lors du Conseil Environnement du 4 décembre 2008, les Ministres de l'Environnement de l'UE adoptèrent à l'unanimité cinq actions prioritaires pour mieux encadrer l'évaluation et l'autorisation des OGM, notamment le renforcement de l'évaluation des impacts environnementaux des OGM, la prise en compte des facteurs d'appréciation socio-économiques et l'amélioration du fonctionnement de l'expertise scientifique;

- constatant que la nouvelle Commission européenne a autorisé en date du 2 mars 2010 quatre variétés d'OGM: la pomme de terre «Amflora» de la société BASF, ainsi que trois croisements de variétés de maïs transgéniques (MON863xMON810, MON-863xNK603 et MON863xMON810xNK603) de la société Monsanto;

- estimant que, contrairement aux affirmations du Commissaire européen à la Santé et la Politique des Consommateurs John Dalli, tous les aspects scientifiques et notamment les réserves émises quant à la sécurité n'ont pas été largement pris en compte concernant ces autorisations;

- rappelant que le Programme gouvernemental mentionne que «Le Gouvernement entend affirmer le principe de précaution en matière d'OGM et soutiendra les initiatives „Luxembourg et Grande Région territoires sans OGM“»;

- rappelant qu'en date d'aujourd'hui plus de 70 variétés d'OGM attendent leur autorisation ou réautorisation dans l'Union européenne;

- consciente qu'une majorité de la popula-tion luxembourgeoise est opposée aux OGM;

- affirmant la primauté du principe de pré-caution en matière de santé et de protection des consommateurs;

- constatant que l'Italie et l'Autriche ont im-médiatement annoncé leur intention d'inter-dire la culture d'«Amflora» et que la France attendra l'avis du Haut Conseil des biotech-nologies pour arrêter sa position;

invite le Gouvernement

- à user de tous les moyens disponibles pour interdire ou rendre impossible la mise en cul-ture au Grand-Duché de Luxembourg des quatre nouvelles variétés d'OGM autorisés par la Commission européenne en date du 2 mars 2010;

- à continuer à s'opposer à toute autorisa-tion d'OGM avant la conclusion satisfaisante des cinq actions demandées à l'unanimité par les États membres en décembre 2008;

- à soutenir une réforme de la procédure d'autorisation et d'évaluation des OGM pour qu'elle prenne aussi en compte les effets sa-nitaires et environnementaux à moyen et à long terme, de même que des facteurs socio-économiques;

- à se coordonner avec d'autres États membres afin de convaincre la Commission européenne et l'Autorité Européenne pour la Sécurité des Aliments (EFSA) pour qu'elles respectent un moratoire sur l'autorisation et la réautorisation d'OGM jusqu'à l'entrée en vigueur d'une nouvelle procédure d'autorisa-tion et d'évaluation renforcée.

(s.) Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Viviane Loschetter.

► **M. le Président.**- Gutt, ech mengen, da kéinte mer zur Ofstëmmung iwwert déi zwou Motiounen kommen. Mir kënnen dat par main levée maachen.

Vote sur la motion 1 modifiée

Fir d'éischt déi éischt Motioun, déi also ëmgeännert gëtt.

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn.

Vote sur la motion 2

Wien ass mat der zweeter Motioun vum Här Kox d'accord?

Dat schéngt mer en ähnlecht Resultat ze sinn.

Domadder wieren déi zwou Motiounen à l'unanimité ugeholl.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5942, eng Ofänne-rung vum Code du Travail. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Kaes, Etgen, Gibéryen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Pro-jet de loi, déi honorabel Madame Vera Spautz. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. 5942 - Projet de loi portant modification des articles L. 010-1, L. 141-1, L. 142-2 et L. 142-3 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **Mme Vera Spautz (LSAP), rappor-trice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzestext, iwwert dee mir haut diskutéieren, huet eng relativ laang a beweegte Virgeschicht. Well dat deene meeschten ënner lech awer hei bekannt ass, wëll ech just nach ganz kuerz op déi Hauptpunkten zrëckkommen. Méi de-tailéiert Informatiounen kënn Dir gären a mengem Rapport noliesen.

Viru gutt 14 Joer hunn d'Europaparlament an de Conseil eng Direktiv gestëmmt, där hir Ëmsetzung an nationaalt Recht fir vill Wirbel an Diskussiounen gesuergt huet. D'Entsenderichtlinie, wéi se besser bekannt ass, huet esou munchen vill Kappzerbrie-ches bereet a soll dann haut endlech, no vill Hin an Hier, a lëtzeburgeresch Recht ëmgesat ginn. Mä fänke mer vir un.

D'Entsenderichtlinn vun 1996 war virun allem eng Richtlinn, fir den europäesche Bannemaart ze fördern, an dëst duerch eng fräi an onageschränkten Zirkulatioun vun Dëngschtleeschungen. Wien awer fräi Bewegung a grenziwwergräifend Dëngschtleeschungen seet, dee muss awer och derfir suergen, dass all Salarié, dee vu senger Firma fir eng gewëssen Zäit an d'Ausland détachéiert gëtt, en haarde Kär vun Dispositiounen garantéiert kritt, wat seng Aarbechtssäiten, säi Congé, e Mini-mum Salaire, d'Sécherheet op der Aar-becht an esou weider ugeet. All Salarié soll an all EU-Land esou gutt wéi méiglech ge-schützt sinn a vun deene fundamentale Prinzipien a Rechter vum Sozialstat profitéieren.

D'Direktiv gëtt en „noyau dur“ vu Regeln un, vun deenen all détachéierte Salarié profitéieren muss. Si léisst de Memberstaten awer verschidde Fräiheeten, wat d'Ausdeh-nunge vun dëse Regelungen ugeet, sou-laang dës zu Gonschte vum Salarié, „d'ordre public“ sinn an den Traité respek-téieren.

Een Équilibre ze fannen, deen d'Barrièren am europäesche Bannemaart ofbaut, eng fräi Zirkulatioun vun den Dëngschtleesch-tungen garantéiert, an awer gläichzäiteg déi fundamental Prinzipien vum Sozialrecht be-rücksichtigt, war eng grouss Erausfuerde-rung fir eis.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

D'lëtzeburgeresch Regierung huet dës Di-rektiv am Dezember 2002 an en nationaalt Gesetz ëmgesat a gouf fënnef an en halleft Joer drop, den 19. Juni 2008, vum Europä-esche Geriichtshaff op verschidde Punkte verklot. Eist Gesetz ass als net konform zu der Direktiv ugesi ginn. Den Europäesche Geriichtshaff huet d'Gesetz als ze protek-tionistesche agestuift. D'Interpretatioun vun der Notion „d'ordre public“ wier vill ze large, an en plus géif d'Gesetz Hürde fir de fräie Bannemaart opriichten a wier duerfir net am Sënn vum communautaire Gedanken.

Loosst mech ganz kuerz op déi verschid-den Ukloppenken agoen. D'Gesetz vun 2002 huet virgesinn, dass all Betrib nëm-men déi Salariéen op Lëtzebuerg deta-chéiert, déi e Contrat de travail écrit kënn virweisen. Weider géifen déi détachéiert Aarbechter eisen Dispositiounen, wat d'Re-glementatioun vum „travail à temps par-tiel“ an „travail à durée déterminée“ ugeet, ënnerleien.

Laut dem Europäesche Geriichtshaff sinn dës Dispositiounen souwisou duerch fréier



Direktive garantiert an duerfir am Pays d'envoi och kontrolliert. Si stelle laut dem Europäische Gerichtshaff just onnéideg Komplikatioune fir d'Entreprises détachantes duer, wat dann erëm géint de Prinzip vun der Déngschtleeschtungsfreiheit geet.

Een anere Kritikpunkt waren d'Dispositionen, déi sech op d'Kollektivvertrag beziehen. Den Europäische Gerichtshaff emfénnt et als net rechtmässig, dass Lëtzebuerg d'Aarbeitskonditione vun de Kollektivvertrag op all Salarié, ob detachiert oder net, wëllt ausdehnen.

Éischtens hunn d'Memberstaaten, laut der Direktiv, just d'Erlaubnis, d'Aarbeitskonditionen, déi an deene Kollektivvertrag festgehale goufen, ze imposieren, soulaang dës d'obligation générale sinn. Zweetens géif e Risiko bestoen, dass d'Entreprises detachantes forcéiert kënnte ginn, Kollektivvertrag fir detachiert Aarbechter ze negociieren während der Zäit vum Detachement. Op deene Punkten dréit de Projet de loi dem Gerichtsurteil elo Rechnung.

D'Amendement 1 an 2, déi mir gemaach hunn, berouegen d'Befürchtungen, dass eis national Gesetzgebung géif ennergruwe ginn. Duerch dës Amendementen kënne mir eisen „noyau dur“, deen am Artikel L. 010-1 vum Code du Travail steet, ganz intakt halen an him, esou wéi ech och a mengem Rapport geschriwwen hunn, en „caractère intangible“ ginn.

Den Artikel L. 141-1 bezitt sech just op detachiert Persounen a seet, dass all Dispositionen d'ordre public och fir si gëllen, mat Exceptionen vu verschiddene Punkten: Punkt 1 Contrat écrit, 8 den Temps partiel an der Durée déterminée a Punkt 11 Convention collective de travail.

An der Uklo fanne mir ee Schwéierpunkt, deen ech hei wëll besonnesch ervirsträichen a méi genau erklären. D'Gesetz vum Dezember 2002 huet eng automatesch Lounupassung un d'Evolution vun de Liewenskäschten, also eng Indexation vun all de Salarié virgesinn. Den Europäische Gerichtshaff huet dës Disposition net guttgeheescht an argumentiert, dass d'Möglichkeit vun der Intervention vun de Memberstaaten sech op eng Indexation vun de Minimumsalarié limitiert, a Lëtzebuerg sech net doriwwer ewechsetze kënnt.

Dës huet natierlech net nëmmen an de Gewerkschaftsmilieue fir vill Opreegung an lenger gesuergt, well den Index hei zu Lëtzebuerg jo als ee vun de Piliere vun der sozialer Gerechtigkeit a vum soziale Friddle gëllt. D'Expressioun „sozialen Dumping“ ass oft gefall, well gefaart gouf, dass d'Ennerscheeder tëschent den detachierte Salarié an den nationale Salarié méi grouss géife ginn.

Mir hunn an de Kommissionsitzung vill diskutiert, wéi mer d'Indexation vu just de Minimumsalarié kéinten ugoen, fir de sozialen Dumping ze verhënneren an awer der Kritik vun dem Europäische Gerichtshaff gerecht ze ginn. Déi ufänglech Kritik vun deene verschiddene professionelle Chamberen souwéi vun de Gewerkschaften an der Zivilgesellschaft konnte mir awer gréisstendeels duerch eng detailliert Erklärung aus dem Wee raumen.

All Salarié, deen elo op Lëtzebuerg detachiert gëtt, huet deemno d'Recht op e Lounausgleich, wann hie manner wéi de lëtzeburgerische gesetzlech legale Mindestloun oder een, gemäss Kollektivvertrag, verbindliche Mindestloun verdéngt. En plus profitiert hien och vun den Indextranchen, déi viru sengem Detachement agefouert goufen.

Loosst mech unhand vun dräi konkrete Beispiller erklären a verständlech maachen, wéi dat an der Praxis ausgesäit.

Huele mer un, de Salaire d'origine vun der detachierter Persoun ass 85, de lëtzeburgerische gesetzlech legale Mindestloun respektiv de gemäss Kollektivvertrag verbindliche Mindestloun ass 100. Da kritt déi detachiert Persoun während där Zäit vun hirem Detachement zu Lëtzebuerg d'Differenz, dat heescht 15, ausbezahlt. Wann dann eng Indextranche kënnt, déi de lëtzeburgerische gesetzlech legale Mindestloun op 102,5 eropsetzt, kritt den Detachierten eng Differenz vu 17,5 zu sengem originale Salaire ausbezahlt.

Am Fall wou den Detachierten e Salaire d'origine vun 101 huet, an de lëtzeburgerische gesetzlech legale Mindestloun respektiv de gemäss Kollektivvertrag verbindliche Mindestloun 100 ass, kritt en näischt. Kënnt awer eng Indextranche, déi de Mindestloun op 102,5 eropsetzt, esou kritt de Salarié erëm d'Differenz zu sengem originale Salaire, dat heescht 1,5 ausbezahlt.

An als drëtter Punkt, wann e Salarié eng Pai d'origine vun 200 huet, de lëtzeburgerische gesetzlech legale Mindestloun respektiv de gemäss Kollektivvertrag verbindliche Mindestloun bei 100 läit, kritt en näischt. Wann eng Indextranche de gesetzlech legale Mindestloun eropsetzt op 102,5, kritt en och näischt, well e jo nach ëmmer wäit doriwwer läit.

Ob et elo verständlech ass, stellen ech mer wierklech d'Fro. Et ass e ganz technesch Dossier, mä ech hunn awer probéiert, et e bëssen...

(Interruptions)

Eng Upassung vun de klengen Salären un de gesetzleche Mindestloun an och un den Index ass also nëmme gerecht a fördert weder de sozialen Dumping nach kreiert en eng Ongleichheit tëschent nationalen an detachierte Salarié. Fir awer d'sozial Gerechtigkeit ze garantieren, dierf och kee Salarié, deen op Lëtzebuerg detachiert gëtt, manner wéi eise gesetzlech festgehalene Mindestloun verdéngen.

En plus wëll ech och ennersträichen, dass dës Direktiv jo virun allem op déi detachiert Aarbechter a Salariéen ausgeluecht ass. Dat heescht, Leit, déi als qualifiziert Spezialisten op Lëtzebuerg kommen, verdéngen oft oder meeschtens méi wéi de gesetzlech legale Mindestloun a sinn dann eigentlech net op déi Indextranchen ugewisen.

Hei ass probéiert ginn, eng Lösung auszuschaafen, déi d'Kritik vum Europäischen Gerichtshaff aus dem Wee raumt, gleichzäitig de sozialen Dumping verhënnert an e friieren a kompetitive Bannemarché fördern soll.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere grousser Punkt, dee vill an heftig diskutiert gouf, war d'Beschränkung, d'Limitation vun der Zäit vum Detachement. Dës war zwar kee vun den Ukloppunkte vum Europäischen Gerichtshaff, mä war awer an dem Avant-projet de loi, deen am Dezember 2008 vun deem deemolegen Aarbeitsminister déposéiert gouf, integréiert ginn. Och wa verschide vun de professionelle Chamberen dës Limitation begréisst hunn, esou hunn eng Rei aner Argumenter dach derzou gefouert, dass se elo aus dem Gesetzestext erausgeholl gouf.

Éischtens huet de Statsrot eng Opposition formelle formuliert, mat der Begrënnung, dass esou eng Limitation an der Zäit weder konform zu der Direktiv nach zum Traité ass, a mer esou risikieren, nach eemol op europäischem Niveau verklot ze ginn. Déi parlamentaresch Kommissioun huet dës Begrënnung méi genee ënnert d'Lupp geholl an ass zur Konkusioun komm, hir Rechnung ze droen. Dës Limitation huet just den zäitliche Facteur a Kaf geholl, fir en Detachement ze definieren. Dës ass, wéi vum Statsrot gesot, weder vun der Direktiv erlaabt, well déi gëtt keng zäitlech Begrenzung un, nach ass et realistesch.

Eent soll awer kloer gesot sinn: En Detachement soll ëmmer eng exceptionnel Situation bleiwen an dierf sech ni an eng normal Aarbeitsituation transformieren. Mä et ass awer ganz wichteg ze betounen, dass den zäitliche Kritik eleng op kee Fall ausschlaggebend ass, fir en Detachement ze definieren.

Da muss awer och nach dräi Kriterien absolut Rechnung gedroe ginn, an zwar der Natur vun den Aarbechte fir en Detachement, der Envergnung vun den Aarbechten an och der Zäit. Dës dräi Kriterien maachen den temporäre Charakter vum Detachement méi komplett an och capabel, déi verschide Situationen, déi sech um Aarbeitsmaart bidden, ofzedecken.

Dozou kënnt awer och nach, dass d'Gesetz virgesäit, dass d'Entreprise detachante der ITM een Ufanks- an Enddatum vum Detachement souwéi den Objektiv an d'Zil-

setzung vum Detachement matdeelt an esou den Detachement konkret festleet op d'Ausführung vun enger bestëmmter Aarbecht.

Dann nach zwou lescht Kritiken, wat d'Kontrollprozeduren ugeet.

Den Europäischen Gerichtshaff kritiséiert, dass d'Gesetz vum 2002 virgesäit, dass d'Entreprise detachante all Dokumenter, déi néideg fir eng Kontroll vun der ITM sinn, am Voraus, dat heescht, ier déi detachiert Persoun hei zu Lëtzebuerg ufänkt mat schaffen, virleeë muss. Laut dem Europäischen Gerichtshaff schränkt dës Disposition d'Liberté de prestation de services an an ass deemno net konform. D'Kommissioun huet dës Disposition geännert. De Gesetzestext gesäit elo vir, dass dës Dokumenter eréischt ab dem Ufank vum Detachement a während deem senger Duere mussen disponibel sinn.

Och geännert, op d'Kritik hi vun dem Europäischen Gerichtshaff, gouf d'Notioun vun engem „mandataire ad hoc“. Dës ass ersat ginn duerch eng „personne physique ou morale“, déi déi néideg Dokumenter bereet huet an zur Zäit vum Detachement um Lëtzeburger Terrain och wunnt.

Ier ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn, wëll ech awer nach zwou Bemerkungen lassginn, déi mer wierklech um Härz leien.

An der Europäischen Union ass et schwéier, gleichzäitig ee gutt funktionierende Bannemaart ze schafen, an dobäi déi néideg sozial Sécherheet an de soziale Schutz fir déi schaffend Leit ze garantieren. Et gëtt héich Zäit, dass déi sozial Vairen op d'mannst de wirtschaftleche Vairen gleichgestallt ginn an an der europäischen Legislatioun ageschriwwen ginn. Dësen Équilibre ass eng Herausforderung fir d'Europäesch Union a fir all hir Memberstaaten.

D'Mataarbecht bei dëser Direktiv vun all eenzelnen Memberstaat ass hei awer och gefuerdert. Net nëmmen, dass si d'Direktiv sollen ëmsetzen, mä si spillen och eng wichteg Roll duerno, zumools wat déi national Kontrollinstanzen ugeet.

An do wär ech dann och bei menger zweeter Bemerkung. Zu Lëtzebuerg muss d'ITM sech d'Moyenné ginn, hir Roll als Kontrollinstanz aktiv ze spillen. Dat heescht, si gëtt eng kloer Definition vun engem Detachement a kontrolliert duerch gezielt Stéchprouwen, ob dës Definitionen agehale ginn. Duerch hir Kontrollaktiounen soll all Versuch vun engem Méssbrauch vum System verhënnert ginn. A wann et dann awer emol de Fall wier, da mussen si dee Verstouss direkt ennerbanen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Ech soen der Madame Spautz och Merci. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Ali Kaes agedroen.

Discussion générale

► **M. Ali Kaes (CSV).** - Madame Präsidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt der Rapportrice, der honorablen Madame Spautz, Merci soe fir hiren ausföerleche schrëftlechen a mündleche Rapport zu dësem Gesetzesprojekt. Ech selwer war a sech an der leschter Legislaturperiode als Rapporteur vun dësem Projet genannt a weess also ganz gutt, wéi kompliziert dës Aufgabe ass, déi d'Madame Spautz elo hat. Ma firwat soen ech dat? Ma och si huet op d'Schwierigkeit vun deem Dossier higewisen, a virun allem, dat den Dossier scho laang schleift an duerfir net manner kompliziert ginn ass.

Ma dat Ganz ass op d'Joer 2002 zrëckzuführen. D'Gesetz vum 20. Dezember 2002 huet d'Direktiv 96/71 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services a lëtzeburgerisch Recht ëmgesat.

Fir de sozialen Dumping awer ze éviteren, huet dës Direktiv an hirem Artikel 3 eng Rei sozial Grundrechte festgeluecht, déi mussen respektiert ginn. Et handelt sech heibäi besonnesch ëm d'Aarbeitszäit, esou wéi d'Madame Spautz dat gesot huet, d'Congé an och ëm de Mindestloun. D'Direktiv erlaabt de Memberstaaten awer, de Respekt vu weidere soziale

Grundrechte am Fall vun engem Detachement ze verlaangen, virausgesat, dass dës Rechte zum nationalen Ordre public gehéieren. Dës Dispositionen d'ordre public mussen da vu jiddwerengem respektiert ginn.

Lëtzebuerg huet et a sech deemools ganz gutt gemengt, wéi et den Artikel 1 vum Gesetz vum 20. Dezember 2002 festgeluecht huet, an notament d'Indexierung vun de Salären, d'Kollektivvertrag, e schrëftlechen Aarbeitsvertrag an d'Regle vun der Deelzäitarbecht a vun den Zäitvertrag zu den Dispositionen d'ordre public vum Lëtzeburger Aarbeitsrecht gemaach huet. D'Europäesch Kommissioun huet dat awer aneschtens gesinn, andeems si e Recours géint Lëtzebuerg beim Europäischen Gerichtshaff eragereecht huet.

D'Kommissioun huet Lëtzebuerg virgeworf, dass d'Lëscht vun den Dispositionen d'ordre public aus dem Artikel 1 vum Gesetz vum 20. Dezember 2002 géint de Geescht vun der Direktiv 96/71 géif verstoussen. D'Cour huet der Kommissioun Recht ginn a festgestallt, dass d'generell Indexation vun de Salarié keng Exception d'ordre public am Sënn vum Artikel 3 vun der Direktiv ass. Nëmme d'Indexation vum Mindestloun ass ënnert dem Artikel 3 vun der Direktiv erlaabt. Doriwwer eraus gehéieren d'Kollektivvertrag en général net zu den Dispositionen d'ordre public am Sënn vum Artikel 3 vun der Direktiv.

De Gerichtshaff huet awer zrëckbehalen, dass Dispositionen aus Kollektivvertrag déclarées d'application générale, déi d'Aarbeitskonditione festleeën, sech op d'Salariés detachés applizéieren. Sou dass zum Beispill de soziale Mindestloun souwéi e Loun, deen an engem Kollektivvertrag, deen d'application générale ass, festgeluecht gouf, op d'Salariés detachés uwendbar sinn. Dës brauch awer net spezifesch am Gesetz ze stoen, well dat souwisou aus dem europäischen Droit an der Jurisprudenz vum Gerichtshaff ervirgeet.

Dofir gouf beschloss, de Punkt 11 iwwert d'Kollektivvertrag vum Artikel L. 010-1 aus dem Code du Travail net un d'Salariés detachés ze applizéieren. De Punkt 11, dat heescht de Respekt vun de Kollektivvertrag, bleift awer weiderhin - an dat ass ganz wichteg - als Disposition d'ordre public am nationale Recht bestoen, just dass dës Punkt sech net, wéi gesot, op d'Salariés detachés uwennt.

Wat d'Dauer vum Detachement ubelaangt - d'Madame Spautz ass och schonn dorop agaangen -, esou hate mer ursprénglech eng Maximaldauer vu 24 Méint virgesinn, déi sech e bëssen un der maximaler Durée vun engem Zäitvertrag orientiert huet. De Statsrot huet awer ennerstrach, dass dës Disposition och kéint als contraire zum Traité betruucht ginn.

Den europäischen Droit schwätzt nëmme vun enger Aarbecht, déi temporairement limitiert ass, ouni awer eng präzise Limite virzugesinn. Laut der Jurisprudenz vum Gerichtshaff gëtt déi temporär Natur vun der Aarbecht determiniert eben duerch d'Dauer - mä net nëmmen duerch d'Dauer -, mä och duerch d'Frequenz, duerch d'Périodicitéit oder duerch d'Continuitéit vun der Aktivitéit. Den Artikel L. 141-1, Paragraph 3 vum Code du Travail gouf an deem Sënn ëmgeännert an d'Referenz op d'Maximaldauer gouf gestrich.

Esou kënnen Aktivitéiten, wéi zum Beispill de Bau vun den Tunnelen op der Nordstrooss, déi sech iwwer Joren zéien, och weider an de Kader vum Detachement fallen. Finalement ass et un der Inspection du Travail et des Mines ze kontrollieren, ob d'Regle vum Detachement respektiert ginn.

Ursprénglech huet d'Gesetz vum 2002 gefuerdert, dass, ier d'Aarbecht zu Lëtzebuerg ufänkt, déi concernéiert Entreprise der ITM eng Rëtsch Informatiounen iwwert d'Salariéen zoukomme léisst. Dës Disposition gëtt elo geännert, an deem Sënn, dass dës Informatiounen och kënnen nom Ufank vun den Aarbechten der ITM matgedeelt ginn.



D'Gesetz vun 2002 huet dann och e Mandataire ad hoc virgesinn, deem seng Pflicht et ass, all déi Informatiounen ze konservéieren a se der ITM op Ufro zougänglech ze maachen.

Den Europäesche Geriichtshaff huet dës Prozedur net akzeptéiert. Den neie Gesetzesprojet gesäit elo vir, datt all déi Informatiounen musse vun enger speziell dofir designierter Persoun gehale ginn, fir datt d'ITM se dann ufroe kann. Dës Persoun kann och ganz einfach e Salarié op deem Schantje sinn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wat bedeit de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, elo konkret fir Lëtzebuerg? Sinn a sech eis sozial Acquisen a Gefor? Bon, ech mengen, ech kann als Äntwert dorobber ganz kloer nee soen, well eben den Artikel vum Code du Travail - dat heescht, den L. 010-1 -, den haarde Kär vun eisen Aarbechtsrecht, a sech net ëmgeännert gëtt.

Fir dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff Rechnung ze droen, hu mer all Referenz op d'Salariés détachés aus dem Artikelerausgeholl. Den Artikel gëtt a sengem Fong natierlech net ëmgeännert, just datt natierlech d'Salariés détachés erausgeholl gi sinn. Den Artikel L. 141-1 vum Code du Travail gouf esou ëmgeännert, datt d'Exigenz vun engem schrëftlechen Aarbechtsvertrag, d'Reglementatioun vun der Deelzäitaarbecht a vum Travail à durée déterminée souwuel wéi och individuell Kollektivvertrag sech net op d'Salariés détachés applizéieren.

Wat d'Indexatioun vun de Salariéen am Kader vum Détachement ubelaangt, esou huet den Europäesche Geriichtshaff sech jo nëmme géint déi generell Indexatioun, wéi se am Artikel vum Code du Travail virgesinn ass, ausgeschat, an net géint d'Indexatioun vum Mindestloun. Duerfir gesäit den Artikel 141-1 vum Code du Travail d'Indexatioun vum Mindestloun fir d'Salariés détachés och weiderhi vir.

Wéi et am Rapport richteg steet, an zwar genau Säit 16, applizéiert sech dës Mesure nëmmen op den Travailleur détaché, deen a sengem Heemechtsland manner wéi de Lëtzeburger Mindestloun verdénkt. Am anere Fall nämlech verdénkt den Travailleur détaché einfach dat weider, wat en doheem verdénkt huet. Doriwwer eraus gëtt och net säin Heemechtsgehalt indexéiert, mä just de Lëtzeburger Mindestloun, deen dem Salarié détaché souwisou zousteet.

Hei huet d'Madame Spautz eng ganz Rei vu Beispiller presentéiert. Et huet kee Sënn, nach eng Kéier déi Beispiller opzezielen. Kloer ass, datt de Geescht ass, datt a sech kee sozialen Dumping geschitt, datt also a sech net den Index direkt spilt, mä ganz einfach eng Erhéijung, ob se elo duerch den Index kënn, ob se duerch eng Upassung duerch d'Gesetz vum Mindestloun kënn, oder wéi och ëmmer. Et ass ganz einfach esou, datt, wann e Salarié détaché eben ënnert deem Loun läit an hei zu Lëtzebuerg schafft, muss e ganz einfach un déi nei Situatioun ugepasst ginn.

Deeselwechte Prinzip gëllt am Fall, wou dem Salarié détaché säin Heemechtsgehalt am Ufank méi héich ass wéi de Mindestloun zu Lëtzebuerg, awer duerno eben duerch eng Indextranche méi déif läit. Och an deem Fall kritt de Salarié détaché d'Differenz dann zwëschent sengem Heemechtssalaire an dem indexéierte Lëtzeburger Mindestloun ausbezuelt.

Ech mengen, mir hunn also e beschtméigleche Kompromëss zwëschent dem Respekt vum europäesche Recht, wéi d'Cour et interpretéiert, an eise Droit du Travail fonnt.

Eppes muss ech awer nach ze bedenke ginn. De Conseil d'État huet a sengem éischten Avis vum 24. November 2009 ënnerstrach, datt déi duerch d'Jurisprudenz vun der Cour agefouert Differenzéierung zwëschent den normale Salariéen an deenen, déi détachéiert goufen, souwuel wéi och d'Differenzéierung zwëschent détachéierte Salariéen, déi de Mindestloun verdéngen, an deenen, déi méi verdéngen,

net onbedéngt dem Égalitéitsprinzip vun der europäescher Grundrechtecharta entsprechen.

Ech kann dem Conseil d'État seng Iwwerleeunge gutt novollzéien, well ech mer d'Fro stellen: Wann ee mat esou enger Situatioun op den Europäesche Geriichtshaff geet, fir do de Gläichheitsprinzip anzekloen, ob mer dann net erëm eng Kéier an d'Labrante kommen. D'Fro stellt sech ganz einfach, ob net all Aarbecht, déi hei zu Lëtzebuerg geleescht gëtt, muss zu deeneselwechte Konditiounen, also gegebenenfalls mat enger Indextranche, bezuelt ginn, esou wéi et jo am Gesetz vun 2002 virgesi war. Hei wäert d'Zukunft eis weisen, ob eisen Text definitiv op feste Féiss steet.

Zu gudder Lescht mengt de Statsrot, datt d'Jurisprudenz vun der Cour eventuell kéint zu sozialem Dumping féieren. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Beräich kënn eis dowéinst als Parlament eng besonnesch Roll zou. Dir wësst, datt den Traité vu Lisbon eis et erlaabt, de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ze kontrolléieren, an dat an all deene Beräicher, wou d'EU sech Kompetenze mat de Memberstaten deelt.

Zu deene Beräicher gehéiert och virun allem d'Aarbechtsrecht. Mir mussen also am Kader vun der Kontroll vum Subsidiaritéitsprinzip eiser Verantwortung gerecht ginn an der EU op d'Fangere kucken. Schliesslech steet an der Clause sociale vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun, datt d'Unioun an der Definitioun vun hirer Politik der sozialer Protektioun Rechnung droe muss.

Dat gesot, wëll ech zu gudder Lescht nach soen, datt d'CSV-Fraktioun dëse Gesetzesprojet stëmmt. An ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Ali Kaes och Merci. Deen nächste Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den honorabelen Här André Bauler.

► **M. André Bauler (DP).**- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Sozialdumping, dat ass e Reizwuert, dat kritische Geeschter direkt an de Kapp kënn, wann ee vun Entreprisë schwätzt, déi zäitweileg Personal bei eis an d'Land schaffe schécken. Gefaart gëtt a gouf, datt dës Leit zu méi déiwe Léin schaffe kéinten, wéi déi Leit, déi hei am Land permanent ugemellt sinn.

Deem ass awer glécklecherweis net esou, well mat dem Gesetz vum 20. Dezember 2002 iwwert den Détachement vun Aarbechter am Kader vun enger Déngschtleeschtung a mam Gesetzesprojet 5942, iwwert dee mer haut ofstëmmen, an dee verschidden Artikelen vum Code du Travail ännert, missten d'Ängscht ronderëm de sozialen Dumping verfléien.

Am Gesetz vun 2002 gouf eist ganz sozialt Recht als „d'ordre public national“ deklaréiert. Dir hutt et elo just héieren. Wéi meng Virriedner schonn ënnerstrach hunn, gouf deemools eng ze large Interpretatioun vum Ordre public national duerchgezunn, eng maximalistesche Transpositioun vun der Direktiv 96/71; dovunner war jiddefalls den Europäesche Geriichtshaff a sengem Arrêt vum 19. Juni 2008 iwwerzeegt.

„Dir gitt ze wäit“, krute mer vun de Riichter gesot, „Dir hutt dee ganzen Droit iwwerholl.“ De Lëtzeburger Gesetzgeber wollt dat sozialt Recht beim Ëmsatze vun dëser Direktiv aus dem Joer 1996 stäerken. E wollt dem Wonsch vun der deemoleger CSV/DP-Regierung an de Sozialpartner Rechnung droen, déi iwwert dës Wee hir Virstellunge vun engem sozialen Europa ënnersträiche wollten.

D'Gesetz vun 2002 ass esou als e wichteg Instrument gesi ginn, fir de sozialen Dumping - deen internen an dee grenzüwwerschreidenden - ze ënnerbannen. Am Esprit vun der Direktiv iwwert den Détachement vun Aarbechtskräfte sollen all Grenzen, déi de fräien Exercice vun Déngschtleeschtungen betreffen, esou wéi en am Artikel 49 vun den europäesche Verträge virgesinn ass, ofgebaut ginn. D'Direktiv wëllt awer och eng loyal Konkurrenz an d'Duerchsetze vu Moosnamen, déi de Respekt vun de Rechten vun de Lounbezéier garantéieren.

Als Demokratesch Partei wëlle mir kengweeßes nokucken, datt eist sozialt Recht iwwert de Wee vu Sociétés détachantes ënnerhielecht géif ginn. Dofir ënnerstëtze mir weiderhin de Prinzip, datt all Salarié vun esou enger Gesellschaft, deen hei zu Lëtzebuerg schafft, also heihinner détachéiert gëtt, net ënnert dem gesetzlechen oder konventionelle Mindestloun bezuelt dierf ginn, an datt den Index ënner bestëmmte Bedéngungen och fir déi détachéiert Persounen spilt.

Sou wéi meng Virriedner et bemierkt hunn, spilt déi automatesch Upassung vun de Léin un d'Entwécklung vun de Liewenskäschte fir déi concernéiert Employéen, wa si de gesetzleche Mindestloun verdéngen oder wa si e Loun kréien, deen an hirem Secteur, an hirem Branche oder an hirem Beruff als minimale Salairesaz duerch e Kollektivvertrag, deen d'Obligation générale ass, fixéiert gouf.

Erënnere mer nach eng Kéier dorun, datt den Europäesche Geriichtshaff prinzipiell net géint d'Indexatioun ass. D'Cour wëllt d'Indexatioun just begrenzen.

Mir begrëssen nodrécklech, datt et mat dësen Adaptatiounen um Gesetz vun 2002 net zu enger Dérive an de sozialen Dumping kënn. Firmen, déi Personal op Lëtzebuerg détachéieren, mussen wëssen, datt si dës Leit net méi schlecht bezuelen dierfe wéi déi, déi schonn hei ugemellt sinn. Géife mer dat zouloossen, géife mer eist eegent sozialt Recht mat Féiss trëppelen an déi eng géint déi aner ausspillen.

Madame Presidentin, mir kënnen awer ganz gutt domadder liwen, datt déi Leit, déi op Lëtzebuerg détachéiert ginn, an déi e gutt Stéck méi verdénge wéi déi, déi eng Aarbechtsplaz hei am Land hunn, datt dës Leit also net vum Indexmechanismus bënificiéieren.

Zum Schluss nach e puer Statistiken zum Phänomen vun den Détachementen. Et gouf mer vun der ITM zougedroen, datt tëscht 70 an 80% vun den Détachementen de Bausecteur concernéieren. Et ass och dës Secteur, wou de Risiko vun enger déloyaler Konkurrenz existéiert, an dofir hat d'Chambre des Métiers et als indispensable ugesinn, fir de Champ d'application vun der Transpositioun vun der Direktiv Détachement op ënner anerem dës Secteur ze begrenzen.

Wirtschaftlech Milieuen hunn och op d'Gefor vun enger déloyaler Konkurrenz an der Bauindustrie an am Transportwesen higewisen an ënnerstrach, datt hei d'Kontrollen, déi virun allem d'Sécherheet vun de Salariéen op der Strooss an um Bau, wou jo bekanntlech Risikoposte bestinn a physisch schwéier geschafft gëtt, verstärkt musse ginn.

2008 goufe 6.647 Betriber hei zu Lëtzebuerg vun der ITM kontrolléiert, déi méi oder manner regelméisseg Salariée während enger begrenzter Zäit op Lëtzebuerg schécken. 65% vun dësen Firmen kommen aus Däitschland, 17% aus der Belsch, 11% aus Frankräich an déi aner 7% aus anere Länner. De Service Détachement vun der ITM huet en Internet-Site age-richt, fir déi concernéiert Betriber ze empfänken an ze begleeden, bezéiungsweis eng Telefonshotline mat ronn 1.700 Uriff am Joer 2008.

D'Cellule interadministrative de lutte contre le travail illégal organiséiert Kontrollen a kann am Kader vu concertéierte Coup-de-poing-Aktiounen op Chantieren an Entreprises op bis iwwer 200 Beamten zréckgräifen. 2008, fir e Beispill ze nennen, goufen ëm déi 40 Aktiounen géint den Travail clandestin, dorënner siwe grouss Aktiounen op Chantieren duerchgezunn. 2008 waren et ongeféier 46.000 Salariéen, déi am Kader vun Détachementen enregistriert goufen, dorënner 12.500 Primo-Déclaratiounen, also Umeldunge vu Salariéen, déi fir d'Éischt op Lëtzebuerg ugemellt goufen.

Wéinst der Kris ass de Phänomen vun den Détachementen zurzäit éischter réckleefeg, wat kaum iwwerraschen dierft.

Madame Presidentin, d'Adaptatiounen, déi mer haut stëmme sollen, féieren also op där enger Säit net zu sozialen Diskriminatiounen, an op där anerer Säit droe si dozou bäi, datt eis Économie mat der néideger Flexibilitéit schaffe kann, zumools wann a verschiddene Branchen Aarbechts-

kräfte gesicht ginn, op déi mer opgrond vun enger spezifischer Qualifikatioun oder aus aneren Ursaachen net ouni Weideres heiheem zréckgräife kënnen.

Entreprises, déi détachéieren, solle sech an engem gewëssene Mooss un eist sozialt Recht halen. Si sollen awer net duerch onnéideg administrativ Hemmnisser bezéiungsweis duerch eng protektionistesche Gesetzgebung benodelegt ginn. Denke mer un Héichlounfunktione am Bankesecteur, wou een onnéideg Vérificationsprozedure vermeide soll. Schliesslech riicht een, wéi et esou schéin heescht, kee sozialt Paradies op en ekonomesche Kierfecht op.

Ech schléissen of, Madame Presidentin, andeems ech der Rapportrice, der honorabelen Madame Vera Spautz, fir hiren ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci soen, a ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Bauler och Merci. An den nächste Riedner, deen agedroen ass, ass den honorabelen Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt och e Merci vun eiser Säit un d'Rapportrice Madame Vera Spautz fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport zu dësem relativ dach komplizéierte Projet, deen néideg ginn ass opgrond vun engem Gerichteuerteel vum 18. Juni 2008 vum Europäesche Geriichtshaff iwwert d'EU-Direktiv 96/71, déi den 20. Dezember 2002 hei vun der Chamber an nationaalt Recht ëmgesat ginn ass.

Den Europäesche Geriichtshaff huet déci- déiert a sengem Uerteel, datt mer déi Direktiv net korrekt a komplett ëmgesat hätten. Een Uerteel, wat 2008, wéi dat Uerteel erauskomm ass, bekannt ginn ass, hei am Land fir vill Opregung, an ech géif soe mat Recht, gesuergt huet.

Op där enger Säit waren d'Gewerkschaften praktesch alleguer direkt op de Barrikaden, fir no der Analys vun deem Uerteel vu Sozialdumping ze schwätzen, wat d'Konsequenze vun deem Uerteel do ugeet. Et sinn och Betriber, déi vun enger Concurrency déloyale geschwat hunn, deemno wéi een dat Gerichteuerteel géif interpretéieren a Korrekturen um Gesetz virhuelen.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Deemools ass och kritiséiert ginn, an deem Kader, well op eemol dunn och erauskomm ass, datt d'Europäesch Kommissioun eiser Regierung en Avis motivé gefrot huet, an d'Regierung deemools, den deemolegen Aarbechtsminister, net op deen Avis geäntwert huet, wat och vläicht dunn eng vun den Haaptursache war, firwat datt mer iwwerhaupt vun der Europäescher Kommissioun ugesicht si ginn a virun d'Europäescht Geriicht komm sinn.

Wann nämlech vläicht d'Regierung deemools en Avis motivé ginn hätt, wéi se et gefrot gi war, hätt vläicht déi eng oder déi aner Hürd kënnen am Virfeld ofgeschwächt ginn, a mir hätte keen esou een Uerteel kritt.

Et beweist awer, datt och deemools hei gesot ginn ass vun de Gewerkschaften, an ech wëll dat hei ervirsträichen, datt d'Sozialpolitik op europäeschem Niveau ëmmer méi restriktiv vum Europäesche Geriichtshaff géif interpretéiert ginn. Zum Nodeel vum Salariat géif an Europa d'Interpretatioun vun der Sozialpolitik vum Europäesche Geriichtshaff festgehale ginn. Eng Analys, déi deemools den Aarbechtsminister och gedeelt huet, an dat kann een och an dem Rapport vun der zoustänneger Kommissioun noliessen, datt och deemools den Aarbechtsminister déi Interpretatioun, déi Entwécklung op europäeschem Niveau mat gedeelt huet.

Da gesäit een also, datt déi Diskussioun, déi mer iwwer Jore féiere vun dem sozialen Europa, wou och d'Rapportrice zum Schluss an enger Bemierkung dorop higewisen huet, datt déi méi wéi jee wichteg ass. Well ee gesäit, datt d'Tendenzen, zumindest wat d'Europäescht Geriicht ubelaangt, éischter méi restriktiv an der Sozial-



politik ginn, ass et ëmsou méi wichteg, datt d'Politik derfir suergt, datt mer Texter, datt mer Traitéën, datt mer Direktive kréien, déi kloer sinn.

An hei ass ee vun de wesentleche Punkten, wa mer zrëckkucken, vu wéini datt déi Direktiv hei ass, vun 1996, wou mer dann 2002 dat éischt Gesetz gestëmmt hunn, elo, 2010, also 14 Joer méi spéit, nach eng Kéier nobesseren, opgrond vun enger Direktiv vun 1996. Da gesäit een, mat wat fir engem Retard d'Konsequenze vun den Direktiven am Fong eréischt um Terrain national bemierkbar ginn.

Ëmsou méi ass et wichteg, datt e Parlament an d'Forces vives de la nation sech am Virfeld vum Ausschaffe vun europäeschen Direktive mat amëschchen, datt et net kann esou sinn, datt eng Regierung Fonctionnaires, déi dann Uweisung vun enger Regierung kréien, an europäesch Gremië schécken an do d'Direktiven aushandelen, ausschaffen, déi dann iergendwann eng Kéier ugeholl ginn an e puer Joer méi spéit hei an d'Parlament kommen zur Diskussioun an zur Ofstëmmung, wou dann een och nach versicht, eng Interpretatioun dranzeleeën, wou ee vläicht och vu senge Ministere gesot kritt, wéi se gemengt wär, déi Interpretatioun, an da geet awer d'Kommissioun op d'Europäesch Gericht, an et verléiert een dann als Land, an et muss een e Gesetz negativ nobesseren, wéi dat haut de Fall ass.

Dat ass net dat Europa, wéi mir eis dat virstellen. Mir schwätze vu engem Europa, wou mer sozial Mindestnorme misste kréien. Dat priedege mir als ADR scho Jorzéngten. Mir ware frou, datt mer virun de leschte Chamberswahlen oder Europawahlen och déi Klack hunn héiere laude vun anere Parteien, datt dat Europa misst méi sozial ginn, datt mer sozial Mindestnorme misste kréien. Mä et muss een awer wëssen, datt all déi Leit, déi och dat virun den Europawahlen d'lescht Joer gesot hunn, am Fong responsabel waren déi lescht Jorzéngten, fir eng Politik ze maachen op europäeschem Niveau, déi als Konsequenz huet, datt mer net sozial Mindeststandarden an Europa kréien, mä datt d'Sozialpolitik ëmmer méi restriktiv ugewannt gëtt.

Et ass also wichteg, datt mer an Zukunft eis am Kader vun der Subsidiaritéit déi Instrumenter ginn, datt mer als Parlament esou fréi wéi méiglech an déi Diskussioun mat erakommen. An et geet net duer mam Parlament, mä mir mussen och versichen an déi Prozeduren d'Forces vives de la nation, d'Chambres professionnelles mat ze integréieren, well déi dacks méi spezifesch a méi wëssend déi Detailer ënnert d'Lupp huelen, wéi mir et vläicht als Parlament maachen, fir datt esou Feeler - an hei ass e Feeler geschitt - net virkommen, wou mer da spéiderhi Problemer mat der Interpretatioun vun esou enger Direktiv hunn.

Dëst Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, gëtt eng Rei vun Äntwerten op Froen, déi am Gerichtsuerfelt festgehalde si ginn. Mä et gëtt net all Äntwerten zefridde stellend. Et däréif een, mengen ech, et muss een awer hei bei der Wourecht bleiwen. Dat éischt Gesetz, wat mer gestëmmt hunn, dat war am Fong e Gesetz, wéi mer eis eens waren, datt dat am Aklang steet, datt do eis integral Sozial- an Aarbechtsgesetzgebung géif respektéiert ginn. An all Schratt, dee mer elo haut hei maachen an nuancéieren, et muss ee ganz kloer soen, wat dat ass, dat ass eng negativ Tendenz vis-à-vis vun eiser Aarbechts- a Sozialgesetzgebung.

Et ass also e Réckschrëtt. Et ass also e sozialen Dumping, dee mer mat dësem Gesetz hei maachen, och wann e relativ konnt an engem gewëssene Kader gehale ginn, mä et ass eng Verschlechterung vis-à-vis vum éischte Gesetz. An dat éischt Gesetz war gutt, also ass dat heiten e Gesetz, wat zum Deel e sozialen Dumping aféiert.

Wann hei gesot gëtt, datt den Index oder den Ausgläich géif bezuelt gi vis-à-vis vu Mindestlëin oder Léin, déi a Kollektivvertrag wieren, mä Léin, déi driwwer wieren, géifen net bezuelt ginn, dann ass dat sozialen Dumping. Dat muss een esou gesinn. Dat si Léin, déi laut eiser éischter Gesetzgebung, déi mer haten, indexéiert hätte misse ginn an déi elo net méi indexéiert ginn. Da kann een also net vun enger Verbesserung schwätzen, dat ass eng Verschlechterung.

A wa mer hei am Land an deene leschte Wochen a Méint a Joren ëmmer mat Recht diskutéieren, datt eng gläich Aarbecht och gläiche Loun misst kréien, wa mer schwätze vu Gehälter tëschent Männer a Fraen, datt déi missten d'selwecht sinn, da kann et net sinn, wa mer Leit hunn, déi hei an d'Land schaffe kommen an déi méi verdénge wéi eise Mindestloun oder wéi dat als Minimum an de Kollektivvertrag virginn ass, datt mer da soen, deen Deel, dee brauch dann net indexéiert ze ginn, well se verdénge jo méi wéi hei als Minimum virgesi war. Wëssend, datt mer och hei am Land Leit hunn, déi méi verdénge wéi de Mindestloun, déi méi verdénge wéi d'Mindestnormen an de Kollektivvertrag, an déi duerfir awer och den Index op hirem ganze Loun zegutt hunn.

Eng weider Fro, déi enorm wichteg ass bei dësem Gesetz, Här President, dat ass wéi mer et méiglech kréien, fir am Fong och déi Gesetzter, och wann dat hei elo gestëmmt gëtt, wéi mer déi Kontroll kënne garantéiert kréien. Dat ass ee vun de schwierige Punkten. Mir hunn engersäits e Gesetz. Mir hunn och Obligatiounen vun der Informatioun. Mä si mer à même, mat eise Verwaltungen dat och deementsprechend bis wierklech effikass an de leschten Detail kënne ze garantéieren, datt mer dat uerdentlech kontrolléiert kréien?

Här President, mir als ADR stinn ëmmer kritesch der europäescher Politik entgéint, wat d'Sozialpolitik ubelaangt. An hei ass e Beispill, wéi mer och erm iwwer eng europäesch Direktiv forcéiert ginn, ee Stéck vun eise soziale Recht hei zu Lëtzebuerg mussen ofzebauen. Well wa mer net missten ofbauen, da wier eist Gesetz, eist éischt Gesetz, richtig gewiescht.

Mir wäerten als ADR kengem Projet zoustëmmen, deen eis vun Europa octroyéiert gëtt, deen als Konsequenz sozialen Ofbau hei zu Lëtzebuerg no sech zitt, an duerfir stëmme mir och géint dëse Projet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci, an als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, Euphorie ass wierklech net ubruecht bei där Gesetzesännerung haut. «Un pas en arrière, non seulement pour la législation sociale nationale, mais aussi pour l'Europe sociale», huet d'Arbeiterkammer an hirem Avis deemools zu dësem Gesetz geschriwwen.

Firwat e Réckschrëtt? Mä well eis Législatioun zur Indexupassung, dat ass elo just scho gesot ginn, well eis Législatioun zur Deelzäitarbecht, well de Prinzip vu gläiche Loun fir gläich Aarbecht duerschlichtert gi mat deenen Ausnahmen, déi hei fir Salariée virgesi sinn, déi aus anere Länner bei eis détachéiert ginn. Am universale soziale Recht sinn Ausnahmen ëmmer geféierlech, well se d'Dier opmaache fir eng Aushieechung vun deem universale Recht, wat da riskéiert zu engem Schwäizer Kéis ze ginn.

Et ass richtig, dass dës Gesetzmodifikatioun zrëckgeet op en Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff. Et ass iwwerengs net dat eenzeg an déi dote Richtung. Dat Uerteel berëfft sech op eng Direktiv, wou zwar an de Considérant vum der sozialer Protektioun Rieds geet, awer wou dann Décisiounen, décisiounskräfte Bestëmmunge vun der Direktiv ënnert dem Primat vun der fräier Konkurrenz stinn, esou wéi de Geriichtshaff et jo dann och interpretéiert huet.

Et muss een awer och drun erënneren, dass déi Direktiv vun eiser Regierung deemools mat decidéiert ginn ass. Et wär emol interessant nozekucken, wien deemools den Aarbechtsminister war. Ech mengen, et ass deen, deen haut eise Paradäis wëll ëmbauen, wann ech richtig mech kann erënneren.

Mäi Vote bezitt sech also net nëmmen op dëst Gesetz, mä op d'europäesch Sozialpolitik an d'Politik vun eiser Regierung um Niveau vun der Europäescher Unioun.

Bei der Diskussioun iwwert den Europavertrag, do hutt Der eis geschwäermt vun där neier Sozialklausel, un déi och haut den Här Ali Kaes nach eng Kéier erënnert huet. Mä wann dat seriö gemengt wär, da

misste jo eigentlech all d'Direktiven, déi sech op déi Vertrag virdru beruff hunn, allegueren elo op hir Sozialverträglechkeet iwwerpréift ginn, also och déi do, a wann noutwendeg geännert ginn. An da misste jo eng ganz Rei vun neien Direktiven ausgeschafft ginn, déi wierklech eng sozial Entwécklung vun der Europäescher Unioun garantéieren. Dovunner ass awer bis elo nach näischt oder net vill ze gesinn.

Awer souguer am Kader vum bestehenden europäesche Recht, soen d'Salariatschamberen, hätte mer et kënne besser maachen. Zum Beispill wat d'Indexupassung betrëfft, hätte mer et kënne maache wéi an der Belsch, wou se ënnert deene selwechten europarechtliche Konditiounen et fäerdeg bruecht hätten, déi gesamt, global, integral Indexupassung och am Kader vum Détachement ze halen. Firwat? Well se sech beruff hunn op d'Strofgesetz, op d'Strofrecht, a well natierlech an der Belsch, esou wéi bei eis, wann eng Indexupassung net gemaach gëtt, dee betreffenden Employeur sech da strafbar mécht. An dorobber hunn d'Belsch sech dann anscheinend beruff, fir déi Indexupassung ofzesécheren.

De Statsrot schreift zu dësem Gesetz, «la solution proposée», also dat, wat an där Proposition de loi, an deem Projet de loi hei steet: «La solution proposée s'en prend néanmoins à des règles de droit impératives, instituées pour garantir les mêmes droits sociaux pour tous.»

Dat eleng geet duer als Argumentatioun, firwat dass ech Äert Gesetz net ka stëmmen.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Hoffmann Merci. An elo kritt d'Wuert den Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Här President, ech wäert emol ufänken, andeem ech der Madame Rapportrice, vu datt mer dat jo elo esou nennen, villmools Merci soe fir deen extrem ausféierleche Rapport, fir déi ganz prezis Explikatiounen, fir dee laangen Historique, prezisen Historique, an och deenen aneren Intervenanten, déi eigentlech all Aspekter vun deem Projet hei beliicht hunn. Ech kommen also net op all Detail nach eemol zrëck. Ech mengen, si sinn hei en long et en large explizéiert ginn an och vu Verschiddener vun lech kritiséiert ginn.

Den Détachement ass en effet eng ganz sensibel Affär. Säit dem Ufank. Mä den Détachement, muss een awer och verstoen, ass eng Saach, déi en Deel ass vun engem Europa vun der fräier Zirkulatioun, vun engem Bannemaart, deen ebe fonctionnéiert oder fonctionnéiere soll a wou et ebe keng Grenze solle ginn.

Et ass natierlech fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat trotz allem e groussen Deel vu senger Produktioun muss iwwert d'Grenzen ausféieren, ëmmer e bësse speziell, wa mer op eemol ufänken, fundamental un deem Prinzip vun engem fräie Bannemaart an Europa rüttelen ze goen. Ech sinn awer och d'accord, datt déi Fro vum Détachement eng wesentlech Fro betrëfft, dat ass déi vum sozialen Europa an de Risque vum sozialen Dumping.

An deem Kontext ass jo vu verschiddene Riedner gesot ginn, datt déi Direktiv Détachement net e Blanc léist, wat déi sozial Dimensioun ubelaangt. Et ass net esou, datt gesot gëtt, et gëtt just eng Dimensioun an Europa, dat ass déi vum Marché intérieur, an de Rescht, dat concernéiert net.

Wat nun awer ee muss feststellen, dat ass, datt mat der Zäit, an ech muss och e bësse soen, mam Élargisme, déi Dimensioun vum Marché intérieur, déi Dimensioun vun der libre Circulation, déi Dimensioun och vun engem Europa, wat sech haaptsächlech orientéiert huet op der Liberalisatioun, datt déi sozial Dimensioun e bëssen ënnert d'Rieder komm ass.

Duerfir stellt sech déi Fro, Détachement op där enger Säit eng noutwendeg Fräiheet, Servicer kënne iwwert d'Grenzen - déi et jo am Prinzip net méi gëtt, déi et awer am Sozialfeld nach gëtt - ze ginn, ouni domat awer déi sozial Modeller, déi sozial Uerdnungen, déi an de Staten existéieren, aus den Aangelen ze hiewen. An do ginn ech jiddwerengem Recht, deen e kritesche Bléck op dat soziaalt oder dat ongenügend

soziaalt Europa gehäit huet. Ouni Zweifel ass do viles verpasst ginn. An et ass e Retard an deem sozialen Europa ouni Zweifel do.

Ech sinn awer verwonnert, datt grad déi elo hei vu sozialem Europa schwätzen, vu soziale Kompetenze schwätzen, wou ech ëmmer gemengt hunn, datt se emol fir d'éischt Europa géifen op den nationalen, besonnesch an deem Europa déi national Kompetenze wëlte virun allem akzentuéieren.

Datt se déi Constitutioun, an Dir kënnt lech erënneren, Här Gibéryen, Dir waart jo Member vun der Konventioun, wou mer iwwert déi sozial Dimensioun geschwat hunn, wou et drëm gaange wier, effektiv...

(Interruptions)

...déi sozial Kompetenzen ze stäerken, wou et drëm gaangen ass, fir déi Charta vun de soziale Rechter wierklech an dem Traité ze verstärken a wou, wéi den Här Hoffmann elo rappeléiert huet, et ëm eng sozial Klausel gaangen ass. Am Endeffekt hutt Der decidéiert, datt dat alles net gutt wier, an Dir hutt proposéiert et ze rejetéieren.

Bon, d'Lëtzebuerger waren net d'accord. Anerer sinn do e bëssen op de Laim gaangen. Duerfir ass natierlech déi sozial Dimensioun vläicht net esou séier gaangen, wéi een dat hätt kënne erhoffen.

Elo muss ech soen, datt den Débat iwwert den Détachement an d'Evolutioun och vun där Direktiv net komplett an Europa eriwuer ass. Ech hu festgestallt, datt den Här Barroso zum Beispill vum Europaparlament annoncéiert huet, oder zumindest virun engem Deel vun de Membere vum Europaparlament, e wier d'accord, fir déi Direktiv op de Métier ze huelen, an e wier och d'accord, fir ze kucken, wou effektiv Faillë wieren am System, Faillen an deem sozialen, an där sozialer Komponent vun där Direktiv.

Ech kann op jidde Fall dem Här Barroso soen, datt ech honnertprozenteg en dann ënnerstëtze wäert an datt ech och wäert kucke mat anere Kolleegen am Conseil vun de Ministres du Travail an zu Bréissel, fir datt den Här Barroso dat do Versprechen net esou séier vergësst.

Ech muss och soen, déi europäesch Gewerkschaftler sinn amgaang ze kucken, wou effektiv déi Direktiv do ka verbessert ginn a wou se effektiv kann an deem Sënn komplettéiert ginn, fir datt all Risque vun Dumping social a priori ausgeschloss ass.

Dee Projet hei, ech mengen, et ass awer gesot ginn, stellt elo net eng Gefor fir de soziale System hei zu Lëtzebuerg duer. Wann et drëm geet, gewësse Kontrollen ze simplifizéieren an net se a priori ze maachen, wat, loosse mer dat soen, e bëssen engem protektionisteschen Hannergedanken entsprécht, mä ze soen, mir kënne déi Kontrollen och a posteriori, wann de Chantier installéiert ass, wann e fonctionnéiert, maachen, fir ze kucken, ob da wierklech och all Donnéeën do sinn, da kann een net soen, datt dat de Lëtzebuerger Sozialmodell aus den Aangelen hieft.

Wann ech soen, den Ordre public, dee kann nëmmen da fonctionnéieren, wann déi Leit och wierklech a gewëssenen Domänen ënnert d'sozial Gesetzgebung, ënnert den Droit du Travail vu Lëtzebuerg falen, dann heescht dat domat net, datt se alle Willküren exposéiert sinn. Well mer jo awer och nach dovun ausginn, datt déi Leit jo aus europäesche Länner kommen, wou et och sozial Gesetzgebunge gëtt, wou et och en Droit du Travail gëtt.

Et ass natierlech regrettabel, datt a grouse Länner, notamment Nopeschlänner, et kee soziale Mindestloun gëtt. Wou ebe Leit fir fënnf oder sechs Euro d'Stonn schaffen. Dat ass eng Faille am europäesche System. Do sinn natierlech eng Rei vu Regierungen onverständlech, well se sech géint zum Beispill en europäesche Mindestloun wieren.

Mä mäi lescht Wuert iwwert den Index. Ech mengen, mir sinn alleguerter frou mam



Index a mir wëllen en och protegéieren. Mä hei ass den Index absolut net a Fro gestallt. Den Index kritt jiddwereen, deen zu engem Lëtzebuerger Loun hei zu Lëtzebuerg schafft, sief dat de Mindestloun, sief dat de Loun, deen an engem Kollektivvertrag fixéiert ass.

Schafft en awer zu engem auslännesche Loun, deen iwwert dem Lëtzebuerger Loun ass, an, Här Gibéryen, Dir hutt gesot, da wier et jo eng Ongläichheet, well dee misst jo dann, wann e muss gläichgestallt gi mat deene Lëtzebuerger, déi hei schaffen, eigentlech sai Loun erofgesat kréien op den Niveau vun deenen.

(Interruption)

Dach, dat hutt Dir gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Hei schaffe Leit, hunn ech gesot, och hei am Land schaffe Leit, déi iwwert dem Mindestloun verdéngen, an och hei am Land schaffe Leit, déi iwwert de Mindestloun, déi an de Kollektivvertrag sinn, leien.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat sinn ëmmer nëmme Mindestloun. Mä d'Leit, et sinn awer vill Leit, déi méi verdéngen wéi dat, wat an de Kollektivvertrag ass. A si hunn och dee ganze Loun hei am Land indexiert.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- D'accord. Mä hei ass eng Persoun, déi ass net definitiv hei am Land installéiert. Dat sinn iwwregens ganz relativ marginal Fäll. Ech mengen, hei sinn Zifferen genannt gi vun Détachementen. An de Gros vun deene Leit, déi schaffen op Chantieren, déi schaffen also mat Léin, déi entweder dem Mindestloun entsprechen oder Kollektivloun hei zu Lëtzebuerg. Déi leien an hirem Land gewéinlech ënnert deene Lëtzebuerger Léin.

Mä déi Leit, déi hei kommen, an et kann esou Fäll ginn, déi da wäit iwwert de Lëtzebuerger Léin géife leien, déi behalen hire nationale Loun. Dat ass eben d'Philosophie. Déi behalen hire nationale Loun a kënnen also och net enger nationaler Législatioun, dem Index en l'occurrence, deen hei fir jiddwereen, fir all Lëtzebuerger Loun applizéiert gëtt, ënnerworfen ginn. Ech mengen, datt een dat, vu datt et sech do ëm héijer Léin handelt, elo net direkt kann als Ofbau vum Lëtzebuerger Sozialstat ugesinn oder qualifizéieren.

Ech wëll also soen, dat hei Gesetz musse mer stëmmen, well mir sinn obligéiert, europäesch Recht ze respektéieren. Dat ass ganz sécher. Mir kënnen dat awer och stëmmen, géif ech soen, well mer sécher kënnen sinn, datt dat heite Gesetz net d'Lëtzebuerger Sozialrecht, de Lëtzebuerger Droit du Travail beschiedegt.

Ech mengen, mir kënnen roueg sinn, datt d'Rechter vun de Leit, déi hei schaffen, préservéiert sinn. A mir wäerten och all Kontrolle weiderféieren. Et ass jo net esou, datt mer keng Kontrolle méi dierfe maachen. Et si just d'Modalitéiten vun deene Kontrollen, déi geännert sinn, an ech kann lech versécheren, datt d'ITM hirer Aufgab, déi Saachen ze kontrolléieren, zwar ex post, datt d'Obligatioun, och um Chantier all d'Donnéeën iwwert d'Léin an iwwert déi Leit, déi do um Chanter schaffen, mussen disponibel gehale ginn, datt déi Obligatioun honnertprozenteg wäert respektéiert ginn. Voilà.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Aarbechtsminister. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun iwwert dës Projet a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5942 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschette.

Ont voté non: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5798, en Accord iwwert d'Schafe vun engem europäesche Loftraum. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass also bei dësem Projet net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen: den Här André Bauler. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

10. 5798 - Projet de loi portant approbation de l'Accord multilatéral entre la Communauté européenne et ses États membres, la République d'Albanie, l'ancienne République yougoslave de Macédoine, la Bosnie-Herzégovine, la République de Bulgarie, la République de Croatie, la République d'Islande, la République du Monténégro, le Royaume de Norvège, la Roumanie, la République de Serbie, et la Mission d'administration intérimaire des Nations Unies au Kosovo sur la création d'un espace aérien commun européen (EACE), signé à Luxembourg, le 9 juin 2006

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord multilatéral vun der EU, zesumme mat Albanien, der fréierer Republik Jugoslawien, déi haut Mazedonien heescht, Bosnien-Herzegowina, Bulgarien, Kroatien, Irland, Montenegro, Norwegen, Rumänien, Serbien an d'UNO-Vertriedung vum Kosovo hunn den 9. Juni 2006 en Accord ënnerschriwwen, fir en Espace aérien commun européen ze schreiwen. Deemools ware Bulgarien a Rumänien nach net Member vun der EU. Dat ass an Zwéischenzäit geschitt. Mä den Accord an de Protokoll musse ratifizéiert ginn, sou wéi dat och den 9. Juni 2006 ënnerschriwwen ginn ass.

Den 31. Oktober 2007 huet den deemolegen Transportminister, den Här Lucien Lux, de Projet de loi déposéiert. Den 23. September 2009 sinn ech an der Kommissioun vum Développement durable zum

Rapporteur genannt ginn. Den 2. Februar 2010 huet de Statsrot säin Avis ofginn, an an der Sitzung vum 24. Februar hu mir de Projet analyséiert an den Avis vum Conseil d'État consultéiert. An der Sitzung vum 10. März hu mir de Rapport eestëmmeg ugeholl.

Wat gesäit deen Accord vir? Et geet ëm d'Grënnung vun engem eenheetleche Loftraum an der EU, Espace aérien commun européen, kuerz den EACE genannt.

Deen Accord baséiert op zwee Hauptpunkten: Éischtens, dass mir innerhalb der EU iwwerall déiselwecht Normen a puncto Sécherheet kréien - a wann ech soe Sécherheet, mengen ech souwuel Sécurité wéi Sûreté -, d'Konkurrenz, d'Sozialpolitik an d'Rechter vum Konsument an der Luftfahrtbewegung.

Deen aneren zweete Pilier ass nei Méiglechkeeten ze schafen, fir der Luftfahrtindustrie an engem Loftraum vu 35 Länner an iwwer 500 Milliounen Awunner d'Méiglechkeet ze ginn, ze expandéieren.

De Statsrot ënnersträicht a sengem Avis, dass mir mat deem Accord Souveränitéit, wéi den Artikel 37 vun der Constitution et seet, ofginn, an dofir musse mer och dës Projet de loi, wéi de President et virdu gesot huet, um Artikel 114 mat der qualifizéierter Majoritéit stëmmen.

Am Numm vun der Kommissioun bieden ech lech, dësem Gesetz d'Zoustëmmung ze ginn. Ech ginn op alle Fall vun dëser Säit aus d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- An ech soen dem Här Spautz Merci. Entre-temps huet den Här Bauler och decidéiert, näischt méi weider zum Projet de soen, well den Här Rapporteur ganz komplett war. Ech ginn och dovun aus, datt de Minister näischt méi dozou ze soen huet, sou datt mer elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt mer eng Majoritéit vun zwee Drëttel brauchen an de Vote par procuration net erlaabt ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 5798 ass ugehall mat 49 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5798 est adopté par 50 voix.

Ont voté oui: MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer elo de Projet de loi 6107 iwwert d'Gestioun vun den Zuchinfrastrukturen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri, Bausch, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

11. 6107 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen elo virläit, ass eng Ännerung vum Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun den Infrastrukturen vun der Eisebunn. De virleiende Projet ass de 27. Januar vum Minister Claude Wiseler déposéiert ginn. Nëmme fënnf Deeg méi spéit, den 2. Februar 2010, huet déi héich Kierperschaft, de Statsrot, hiren Avis ofginn. De 24. Februar sinn ech zum Rapporteur gestëmmt ginn, a mir hunn de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem Projet hei kënnen mir d'Kreditter fir d'Installatioun vun engem automatesche Stoppsystem vum Zuch an eng Vitessekontroll um Eisebunnréseau verwierklechen. D'Sécherheet op der Eisebunn ass enorm wichteg. Dat schrecklecht Accident an der Belsch hätt mat deem System, dee mir op dem Lëtzebuerger Réseau wëllen hunn, verhënnert kënnen ginn. No den Accidenten an der Belsch virun néng Joer an deene schwéieren Accidenten an den 90er Joren um Houwald an zu Lëtzebuerg-Hollerech, genau wéi no der Katastroph vum Zouffgen 2006, ass et wichteg, nach méi séier all Sécherheitsmesuren ëmzesetzen. Mir maachen dat an dësem Projet elo.

Et ass déi néngt Ännerung vum Gesetz vum 1995, wou mer ënner anerem am Juni 2003 festgehalen hunn, dass mer Duebelgleisegkeet maache vu Péiteng an d'Stad; am Dezember 2003 ënner anerem de Recordement vum Kierchbiereg a vum Findel; am Abrëll 2004, wou do festgehalen ginn ass fir Belval-Usines a Belvaux-Mairie auszubauen; déi zwee Gleiser um Nordkapp vun der Stater Gare am Abrëll 2004; d'Bréck op der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten, fir nëmmen déi Projeten nach eng Kéier ervirzeesträichen.

De Projet vun haut, den Dispositif Arrêt automatique an de Système de contrôle de vitesse. Am November 1999 hat de Verwaltungsrot vun der CFL decidéiert, op den ETCS-System ëmzeklappen, an den 1. März 2005 ass de Projet pilote gestart ginn. Am Moment si 60% vum Réseau dorop ausgeriicht. Bis Enn 2011 soll de ganze Réseau prett sinn.

Ech wëll awer betounen, dass no der Phas vum Projet pilote Adaptatiounen um Netz an an de Virstellungen, wéi een dat ka verwierklechen, geännert gi sinn, well méi Signaler do sinn, méi Contrôles de commande a méi Signalisationen. De Réseau gëtt elo operéiert.

Wat de Fuerepark, d'Maschinen ubelaangt, esou muss jiddwereen, deen op de Lëtzebuerger Réseau wëllt fuere kommen, seng eege Maschinne kompatibel maachen, fir op dem Réseau kënnen aktiv ze sinn.

A sengem Avis vum 2. Februar 2010 erënnert de Statsrot un all seng Remarquen, déi e bei de vorhergehende Projete gemaach huet, well e seet, dass de Projet lues awer sécher, well dat hei schonn déi néngt Verlängerung ass, onlesbar gëtt. Eng aner Remarque war eng Propos, den Ufank vum éischte Paragraph ze änneren. Dësem Vorschlag war d'Kommissioun nokomm.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir mussen opgrond vun der ugespaanter Situatioun vun de Statsfinanze spueren a Prioritéiten setzen. D'Regierung setzt hir Prioritéiten, a mat dësem Projet setzt se hir Prioritéit a Richtung Sécherheet. Mat Ärer Zoustëmmung zu dësem Projet investéiere mir an d'Sécherheet vun de Voyageuren a vum CFL-Personal. Et ass wichteg, dass mir dat maachen. D'Eisebunn ass nach wie vor dat sécherst Transportmëttel op der Welt. A mir mussen derfir suergen, dass et nach ëmmer méi sécher gëtt an dass et nach ëmmer zu manner Accidenten kënnt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech zielen op Är Zoustëmmung an ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!